**N° 4454**
Reçue le 10.06.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.06.2021

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/06/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung & Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

Unicef Däitschland an de Kinderschutzverbund hunn 2020 eng Etüd iwwert Gewalt am Erzéiungsberäich an Optrag ginn. 2'500 Persoune goufe befrot, op si fannen, dass et akzeptabel ass, dat eegent Kand op den Hënner oder an d'Gesicht ze schloen. All 6ten huet uginn, dass eng op de Bak an der Rei wier, d'Hallschent huet fonnt dass et akzeptabel ass, d'Kand op den Hënner ze schloen. An Däitschland gouf am Joer 2000 duerch ee Gesetz festgehalen, dass all Kand d'Recht op eng gewaltfräi Erzéiung huet.

Laut enger Etüd vun 2016 vun der University of Texas "Spanking and child outcomes: Old controversies and new meta-analyses", steigt mat all kierperlecher Form vun Züchtegung de Risiko fir psychologesch Problemer ze entwéckelen a steigert ausserdemd'Agressivitéitspotential.

Zu Lëtzebuerg gëtt d'Maltraitance physique vun engem Kand folgendermoossen definéiert:
"Il s'agit de tout traumatisme physique intentionnellement infligé à un enfant comme les coups, les secousses, les morsures, les égratignures, les brûlures, etc."

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi gesäit d'Regierung dës Problematik?
2. Goufen och zu Lëtzebuerg schonn esou Etüde realiséiert?
3. Wéi ginn d'Elteren hei sensibiliséiert?
4. Wéi ginn d'Kanner an deem Kontext iwwert hir Rechter opgekläert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4454 vum honorabelen Här Deputéierte Marc Goergen**

**Ad 1)**

Als Signataire vun der Kannerrechtskonventioun, déi ee Recht op eng gewaltfräi Erzéiung garantéiert, schwätzt sech d'Regierung kloer géint Gewalt an der Erzéiung aus.

Am Moment verbitt de Code pénal Art. 401 nëmme Gewalt géint Kanner vu 14 Joer a méi, bezéiungsweis vu Gewalt géint Kanner ënner 14 Joer, déi iwwert "violences légères" erausgeet. D'Gesetz vun der Aide à l'Enfance et à la Famille vun 2008 geet allerdéngs scho méi wäit a verbitt all kierperlech Gewalt an der Famill.

Donieft huet d'Parlament den 3. Juli 2018 d'Ëmsetzung vun der "Convention d'Istanbul du Conseil de l'Europe sur la prévention et la lutte contre la violence à l'égard des femmes et la violence domestique " ugeholl an domat e konsequente Programm géint Gewalt lancéiert.

Ausserdeem hu verschidde Ministèren zesummen eng Prozedur ausgeschafft, wéi sech Fachpersonal verhale soll, wann si gewuer ginn, dass ee Kand doheem mësshandelt gëtt.

**Ad 2)**

Eng speziell Etude zu dësem spezifesche Sujet zu Lëtzebuerg ass dem Ministère net bekannt. Allerdéngs gëtt an enger Rei vun Etuden, déi zesumme mam Educatiounsministère realiséiert goufen, d'Sujete vum Wuelbefannen an der Gesondheet vu Jonken traitéiert. Sou kann een zum Beispill de Jugendbericht 2020 oder d'HBSC-Studie vun 2018 nennen.

**Ad 3)**

D'Elteren zu Lëtzebuerg ginn duerch eng Rei vu Campagnen dofir sensibiliséiert, dass kierperlech Gewalt, souguer a klenge Moossen, schiedlech ass fir Kanner a souwuel zu psychesche Problemer wéi och zu Verhalensopfällegkeete féiere kann, wéi Studie weisen. Am Kader vun 30 Joer Kannerrechtskonventioun, huet de Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse 2019 d'Campagne "Stop aux punitions corporelles!" lancéiert, déi souwuel duerch Plakater, wéi och duerch eng Konferenz iwwer d'Alternativen zu physescher Gewalt an der Erzéiung Eltere sensibiliséiert huet.

Och d'Eltereschoul vun der Fondation Kannerschlass, als konventionéierte Partner vum Lëtzebuerger Staat, engagéiert sech an deem Domaine a bitt Coursen a "positiver Erzéiung" un, fir Elteren Erzéiungsmethoden, déi op edukative Konzepter berouen, méi no ze bréngen.

**Ad 4)**

De Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse organiséiert reegelméisseg Opklärungsdeeg, zum Beispill am Beetebuerger Park, déi sech u Kanner, Jugendlecher an hir Eltere widme fir iwwer Kannerrechter, inclus dem Recht op eng gewaltfräi Erzéiung, opzeklären. Op dësen Deeg gëtt d'Konzept vun de Kannerrechter mat Hëllef vu Plakater, Filmer, Animatiounen, Aktivitéiten an Infostänn spilleresch erkläert.

Am Kader vum Zuch vun der Demokratie gëtt et och Informatiounsmaterial fir Enseignanten, fir dass si besser mat de Kanner iwwer Kannerrechter schwätze kënnen.

Zudeem hëlleft de Projet ChiCo (Children's Conference), deen zënter 2019 reegelméisseg stattfënnt, dobäi, Kanner iwwert hir Rechter ze informéieren an hinnen eng Stëmm an de Mutt ze ginn, sech auszedrécken an hir Meenung zu deenen Themen, déi si betreffen, bekannt ze maachen. Dëst Joer war d'Thema vum ChiCo "Du hues Recht (?)!"

Och am Schoulfach *Vie et Société* gëtt et ee Module iwwer Kanner- a Mënscherechter.